2017/2

# REWA NEWS



CIPA

‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››



Op der Schueberfouer mam Jugendhaus

Commune de Sanem

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 3. | Editorial vum Här Georges Engel |
| 4. | Fotoe Projet 'Mënschen am Alter' |
| 5. | Kiermes–Retro |
| 6. | D'Tiercen aus der Animatioun |
| 7. | Team vum 'Repas sur roues' |
| 8. | Aufsatz Kulturfest an der Bieles-Post |
| 9. | Präis 'Seniorenfreundliche Gemeinden' |
| | Gebuertsdagsfeier |
| 10. | Skyliner a Schueberfouer |
| 11. | Grillfest am UPG |
| | Nächst Fester |
| 12. | Fester |
| 13. | Fester |
| 14. | Ausflich |
| 15. | Et hunn eis verlooss 2017 |
| 16. | Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2017 |
| | Kleederverkaf a Schungverkaf |



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Cliff Schmit |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | am CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don' |
| | LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Léif Bewunner, Familljememberen a Mataarbechter,

Et ass mir eng immens grouss Freed an dëser neister Ausgab vun de REWA-News e puer Zeilen un Iech all riichten ze dierfen. Virun allem well mir viru kuerzem de 5.Gebuertsdag vun eisem CIPA “Résidence Op der Waassertrap” feiere konnten. Den 12. Juli 2012 si mir vum Scheierhaff an den neie REWA op de Belval geplënnert an ech sinn immens houfreg op de grousse Succès vun eisem Alters- a Fleegeheem.

An de leschte 5 Joere ass vill geschitt am Haus. Hei nëmmen e puer Beispiller: E Service thérapeutique mat engem Kiné an zwee Ergotherapeuten ass gegrënnt ginn, eng Responsable Qualité ass am Juli dëst Joer agestallt ginn an deemnächst wäert och nach en Assistant social hallefdaags do sinn, deen de Résidente bei villen Démarchë wäert hëllefen. Ganz nei ass dann och d’ “Kiermes am Duerf” op der Place Marcelle Lentz-Cornette, déi am Juli 2016 fir déi 1.Kéier vum REWA zesumme mat der Gemeng organiséiert gouf. Am Allgemenge kann ee soen, dass an eisem CIPA eng Hellewull u Fester an Ausflich organiséiert gëtt, nieft den iwwert 30 verschiddenen Aktivitéiten (wéi z.B. Gedächtnistraining, Handaarbechten, Turnen, Sangen, Danz am Sëtzen, Musek-Atelier, Gesellschaftsspiller, Kachen a Baken, Kreatiivt Schaffen, Kaffisstuff, Aktivitéite mat Jonken oder Kanner, Filmprojektiounen, Gaardenaarbecht, Keele spillen a Sport a Spill an nach vill méi) déi am Haus ugebuede ginn. Hei gesäit ee ganz kloer, dass versicht gëtt ze kucke wat eis Bewunner interesséiert an dann och ganz verschidden, ugepassten Aktivitéiten unzebidden.

Um Enn vum Joer erwaart eis dann eppes ganz Besonnesches. Et kënnt een neie Matbewunner an d’Haus, an zwar en Assistenzhond, e speziell ausgebilten Hond, deen op d’Besoine vun den eelere Leit ageet. En Hond ass ganz ofgesi vun der Freed deen hien eis alleguerte wäert bréngen, och laut Studien eng positiv Beräicherung fir d’Bewunner an enger Institutioun wéi de REWA. Merci dann un d’Personal vum REWA, dat dëse Schratt mat mécht.

Dëst ass dann och d’Geleeënheet fir mol jidderengem Merci ze soen, deen alldeeglech dozou bäidréit, dass et sech gutt am CIPA ‘Résidence op der Waassertrap‘ liewen a schaffe léist. Ouni eist gutt ausgebilten a motivéiert Personal wier et och net méiglech gewiescht, 2015 de “Prix luxembourgeois de la qualité de l’Excellence” mat der Mentioun “sur la voie de l’Excellence” vum MLQ (Mouvement luxembourgeois pour la qualité) ze kréien. En plus si mir dat éischt Haus wat ISO 9001-2008 zertifiéiert ass, an dat zanter 2014. Aner wichteg Auszeechnunge sinn de Label vun der ‘Superdreckskëscht‘ oder vu ‘Fairtrade‘ fir der nëmmen e puer ze nennen. Esou Meritten hätte mer ni kritt ouni dass eist Personal do mat gehollef hätt. D’lescht Joer hate mir dann och fir d‘éischte Kéier e Musical organiséiert, dëst am ARTIKUSS op intergenerationeller Basis. Dëse Projet mat Acteuren aus dem CIPA, de Schoulen an dem Jugendhaus gouf vun der 3.Alterkommissioun am Kader vum Seniorekommunalplang op d’Bee gestallt. De Musical gouf dann och vum Familljeministère geéiert mat engem Präis.

Mir wäerten och weider eist Bescht gi fir de Bewunner eng Seniorebetreiung no den aktuellste Visiounen, Missiounen a Wäerter ze bidden.

Ech wënschen Iech all fir d’Zukunft weiderhin alles Guddes, eng gutt Gesondheet an nach vill Freed am REWA.


Georges Engel,
Député-Maire

# Fotoen

Fir de **Projet ‚Mënschen am Alter‘** goufen iwwer 80 Bewunner fotograféiert. Hei sinn nach e puer vun deene flotte Portraiten.










# Kiermes - Retro

















't ass Kiermes am Duerf an de Spillmann ass do, déi Jonk déi danzen, déi Al kucken no .....











# D’Tiercen aus der Animatioun

Léif Leit aus dem CIPA REWA, ech benotzen dës Geleeënheet fir Iech een Deel vun onser Equipe vun der Animatioun virzestellen, déi oft vergiess gëtt awer ee grousse Merci verdéngt huet, an déi ee groussen Deel dozou bäigedroen huet, dass et Iech gutt geet. Si bidden Iech déi ganz Woch verschidden Aktivitéiten un, déi net am Kader vun der Fleegeversécherung si wéi Bastelen, Spiller, Bingo, Massagen, Sport a Spill, Kaffistuff, Poterstonn an nach vill méi. Si sinn op de Fester do fir ze hëllefen ze zerwéieren, ze encadréieren an op- an ofzeriichten. Si hëllefe beim Encadrement bei den Transporter, ënnerstëtzen Iech bei de Sortie wéi Cactus, Bank, Sport a Spill, Keelen, an Zesummenaarbecht mat der Transport Equipe. Si besichen Iech op den Zëmmere wann dir krank oder eleng sidd.

Dës Persoune komme stonneweis schaffen no festgeluechtem Plang an och wann de CIPA si brauch. Si sinn zesumme mat den Educateuren, ASF, Auxilliares de Vie an der Transport Equipe ee feste Bestanddeel vun der Animatioun.

Op dësem Wee wëlle mir hinnen ee grousse Merci soe fir dat, wat si fir de REWA an seng Bewunner gemaach hunn, maachen an nach maache wäerten.

René Lebboroni



# Team vum ‘Repas sur roues’

*Es war einmal vor langer, langer Zeit*…………

so beginnen Märchen!  Aber dieses hier ist kein Märchen, auch wenn bis jetzt schon gute 30 Jahre vergangen sind.
In den Jahren 1986 – 1987 haben wir, damals noch als ‚Résidence Dickskopp‘, mit dem Service „Essen auf Rädern“ begonnen.
Das Essen wurde damals, wie auch heute noch, täglich frisch von unserem Küchenteam zubereitet. Alles steckte noch in den Kinderschuhen und oftmals hatten wir mehr Fahrer als zu verteilende Mahlzeiten.
Die Auslieferung erfolgte damals, in Zusammenarbeit mit der ‚Protection Civile‘. Wir konnten auf rund 4.400 Essen pro Jahr stolz sein.
Mittlerweile haben wir uns alle weiter entwickelt, aus der ‚Résidence Dickskopp‘ wurde unser schönes CIPA ‚Résidence op der Waassertrap‘ und aus „kleinen“ 4.400 Essen jährlich, wurden sagenhafte 30.000 Essen pro Jahr (Stand 2016).
Dabei geben wir unser Bestes, den Wünschen unserer Kunden so gut wie möglich gerecht zu werden. Seien es spezielle Diäten, Unverträglichkeiten, salzarme Kost oder Breikost, des weiteren kann auch immer zwischen zwei verschiedenen Mahlzeiten pro Tag, an 365 Tagen im Jahr, gewählt werden.
Fünf motivierte Fahrerinnen und Fahrer können wir zu unserem Team zählen: Christiane Berns, Danielle Logelin-Rassel, Elise Kettenmeyer, Laury Rauchs und Jos Schmit.
Mit zwei Renault Kangoo machen sie sich jeden Tag auf den Weg, um die Mahlzeiten pünktlich ausliefern zu können. Wir liefern in der gesamten Gemeinde Sanem, wobei die Gemeinde sich in zwei Touren aufteilt.
Die erste Tour sind alle Mahlzeiten für Beles und die zweite Tour besteht aus den Mahlzeiten der anderen drei Ortschaften Ehleringen, Sanem und Zolwer.

Mit ganz viel Elan und Energie wird das Team weiterhin ihre Arbeit meistern. Hier einige Fotos des Teams ‚Repas sur Roues‘.

Sabrina



## Aufsatz

# Kulturfest an der Schoul Bieles-Post



Et si schonns eng etlech Joren hier, dass eis Senioren d'Schoulbänk gedréckt hunn. E Bewunner war zu Bourschend, en aneren ze Gréiwels, an een zu Péiteng. Eng Damm an en Här ware Schüler an der Schoul Bieles–Post. Vill Erënnerunge sinn eropkomm. Fréier hate Kanner Schiertecher un an der Schoul. D' Jongen a Meedercher waren a getrennte Klassen. A nom Krich hunn déi amerikanesch Zaldoten an de Klassesäll Bieles-Post geschlof an d'Schüler sinn emol an der Woch op de Späicher an d'Schoul gaangen. Mir haten den Optrag als ‚fliegende Reporter' op d'Kulturfest ze goen an déi verschidden Atelieren ze besichen. Am Atelier ‚Lëtzebuerger Kichen' si mir mat gudde Wafele verwinnt ginn, déi d'Kanner selwer gemaach hunn. Och de Kachkéis duerft net feelen. All Kand krut säin eegene Kachkéis an engem Glas mat heem. Am Atelier ‚Danz aus Estland' hunn eis Leit sech un déi fréier Folklorkleedung erënnert. Kanner hunn eis eng kleng Presentatioun vun engem Danz gewisen. Am Bitzatelier hunn den Dammen hier Ae geblénkt. An der Schoul Bieles-Post war fréier de Bitzatelier am Keller. Dat war dat 9te Schouljoer wat do an d'Bitzschoul gaangen ass.Kanner hunn haut kleng Häerzkësse gebitzt. Beim portugiseschen Danz huet eng Damm gemengt, dass sou Ateliere fréier net an der Schoul waren. Si haten Turnen an den Turnsall hat just ee Bock a Seeler. Eng aner Damm hat guer kee Sport an ass mat de Frëndinnen an de Pausen am Seel gesprongen. Am Atelier ‚Filzmännercher' hunn d'Kanner schéi faarweg Männercher an Tëntefësch aus Woll gebastelt. Fréier hunn eis Senioren an der Schoul e ‚Bändel' gestréckt, dat war e faarwege Schal dee si am Summer schon ugefaangen hunn. Am Kichen-Atelier hunn d'Kanner selwergemaachte Pizza a portugisesch Kichelcher zoubereet. Et huet gericht wéi an enger Bäckerei an d'Kanner waren och deementspriechend gekleet. Beim Djembé war eng méi lass, eis Leit hate Loscht matzemaachen. Mir konnten net all Ateliere besichen. Nodeems mir eis zesumme gesat hunn an dee ganze Moie Revue passéiert hunn, hu mir decideiert en Aufsatz wéi fréier ze schreiwen. Mir wënschen iech nach vill Freed um Fest an nächst Joer si mir nees derbäi.







Heini, Yvonne, Nicki, Cecile, Leonie, Tamara a Lola

# Concours "Seniorefrëndlech Gemengen"



Drëttalterskommissioun aus der Gemeng Suessem huet e Präis kritt fir „Seniorefrëndlech Gemengen".




Op dëser Präisiwwerreechung zu Miersch, hunn Drëttalterskommissioun an de Schäfferot vun der Gemeng Suessem de Musical „König der Löwen" presentéiert. Erzielt gëtt d'Märche vum Léiwekinnek.

Um Musical huelen deel: Eng Schoulklass aus der Schoul 2000, AJ Belluti Dance Studio, Jugendhaus vun Zolwer, CIPA Rewa, Zitha Péiteng, Centre Riedgen an de St Elisabeth Beetebuerg. Während Woche gouf intensiv fir dësen intergenerationelle Projet geprouft. Den Optrëtt gëtt de 15. Oktober 2017 um 15:00 Auer am Artikuss virgedroen. Am Joer 2015 gouf deen éischten intergenerationelle Musical mat der Drëttalterskommissioun aus der Gemeng Suessem opgefouert. Deemools gouf de Musical „Die Schöne und das Biest" virgestallt. Dëst hat e groussen Erfolleg a kuerz drop ass d'Entscheedung gefall en neie Musical anzeprouwen.  An do ass d'Iddi komm fir de Musical „König der Löwen" ze spillen.

Tamara




D'Gebuertsdagsfeier gouf fir aller éischt am Juli 2011 gefeiert. Et war super Wieder deen Dag, sou dass d'Gebuertsdagsfeier dobausse gefeiert konnt ginn. Iwwer 70 Ballone sinn deemools mat Helium opgeblosen an an d'Loft fléie gelooss ginn. Eis Residenten haten hiren Numm an Adress op een Ziedel geschriwwen an der Hoffnung eng Äntwert ze kréie vun iergend enger Persoun. A sou war et och! ☺

D'Gebuertsdagsfeier gëtt zwee mol d'Joer gefeiert. Hei ginn déi Leit geéiert, déi ee ronne Gebuertsdag feieren. D'Zil vun dësem Fest ass et, eise Leit ze gratuléieren, hinnen ze felicitéieren a si ze valoriséieren. Eng Gruppefoto an en Artikel ass deen Dag virgesi fir an d'Presse. D'Gebuertsdagskanner gi mam Mikro opgeruff a kréien e schéine Cadeau vum CIPA an dem Schäfferot iwwerreecht. Et gëtt Kaffi a Kuch à volonté an all Residenten a Famillje si wëllkomm.

Francesca

# Um Skyliner an der Stad











# Op der Schueberfouer mam Jugendhaus











# Grillfest am UPG





D'Leit aus dem ganzen Haus sinn an de Gaart vun der Demenzstatioun komm an hunn do e puer flott Stonne verbruecht . De Fons huet eis mat Musek



ënnerhalen a fir Iessen an Drénke war och gesuergt. Bei der Tombola hat deen een oder aneren net genuch Hänn fir mat senge Gewënner heem ze goen. D'Sonn stoung och um Programm an et war eng gutt Stëmmung. D'Grillfest am UPG war och dëst Joer e groussen Erfolleg.




## Nächst Fester:

| | |
|---|---|
| 01. Oktober 2017 | Pappendagsfeier/ Fêtes des pères |
| 08. Oktober 2017 | Oktoberfest |
| 15. Oktober 2017 | Hierschtfest Senioren |
| 12. November 2017 | Mullefest |
| 26. November 2017 | Concert Apero UPG |
| 05. Dezember 2017 | Niklosfeier/ Fête St. Nicolas |
| 09. Dezember 2017 | Concert DIVERTIMENTO |
| 10. Dezember 2017 | Chrëschtbasar/ Bazar de noël |







# De

C.I.P.A.

« RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP»

invitéiert Iech Sonndes den

08. Oktober 2017

op d' **OKTOBERFEST**

vun 11:00 bis 17:00 Auer

11:00 Auer Apero Concert Zolwer knappbléiser

12:30 Auer Oktoberfest Menü

Musek mat HAPPY SOUND

Umelle w.e.g. bis den 01. Oktober 2017

um Tel: 59 49 40-1

Méindes bis Freides vun

08:00 - 18:00 Auer





# MULLEFEST

## SONNDES, DEN 12. NOVEMBER 2017

Am Festsall vum CIPA

"Résidence op der Waassertrap"




De Service geet um 12:30 Auer un!

Pâtisserie a Kaffi



MELLT IECH W.E.G. AN DER REZEPTIOUN UN
UM TEL 59 49 40—1
BIS DE 04. NOVEMBER 2017
Méindes bis Freides vun 08:00 – 18:00 Auer

# Ausflich



Am **Oktober** gi mir emol an den **ADLER** akafen.

De **27. Oktober** gi mir an den Theater op Suessem d'Stéck **'De Quiz'** kucken.



Den **09. November** gi mir op eng Theater-Matinée an de Centre Culturel op Rodange e lëschtegt Kriminalsteck **'Déi Falsch am Sak'** kucken.

Am **Dezember** gi mir op de **Chrëschtmaart** op Saarbourg an op dee vun der Stad Lëtzebuerg.



Mir fueren eemol an der Woch an de Cactus an op d'Bank.
Wann dir mat wëllt fueren, muss dir iech bei der Animatioun beim
Cinzia, Claudine, Marie-Paule oder Ria umellen.
Mir fueren och ee bis zweemol am Joer an den Adler.
Wann dir eng Iddi hutt, wou een nach kéint hifueren, da maacht är Propose bei engem vun der Transport Equipe.





# Et hunn eis verlooss 2017:

Mme Rommes-Welter Marguerite +09/04/2017
AM ALTER VUN 93 JOER

M Pregno Louis +27/04/2017
AM ALTER VUN 92 JOER

Mme Wolf-Gonner Léonie +11/05/2017
AM ALTER VUN 80 JOER

M Pompermaier +09/06/2017
AM ALTER VUN 81 JOER

M Gengler Roger +13/07/2017
AM ALTER VUN 89 JOER

M Reuter Pierre +22/07/2017
AM ALTER VUN 88 JOER

M Simonin Joseph +06/08/2017
AM ALTER VU 67 JOER

M Mentz Guillaume +13/08/2017
AM ALTER VUN 81 JOER

Mme Sperner Christine +19/08/2017
AM ALTER VU 94 JOER

Mme Schmit Jacqueline +09/09/2017
AM ALTER VUN 81 JOER



## Wëllkomm eisen neie Mataarbechter 2017

## Bienvenue aux nouveaux collaborateurs 2017

| Nom | Prénom | Date d' entrée | Service |
|---|---|---|---|
| KLEE | Emmanuel | 16.03.2017 | Assistance & Soins BF2 |
| NATALINI | Daniella | 01.04.2017 | Assistance & Soins BF2 |
| SCHANEN-WIRTZ | Catherine | 01.04.2017 | Ménage |
| TEIXEIRA LOPES | Carolina | 15.04.2017 | Cuisine |
| IGEL | Chantal | 01.07.2017 | Ménage |
| RUBINO | Jean-Pietro | 01.08.2017 | Accueil & Hébergement |
| HENDRIX | Liliane | 01.08.2017 | Accueil & Hébergement |
| TORNAMBE | Delia | 01.09.2017 | Administratioun |
| DO ROSARIO DA LUZ | Paula Cristina | 01.09.2017 | Administratioun |



# Kleederverkaf/
# Vente de vêtements

- 27. Oktober 2017/ 27 octobre 2017

Vun 10:00—12:00 Auer

- 2. November 2017/ 2 novembre 2017

Vu 14:00—17:00 Auer



# Schungverkaf/
# Vente de chaussures

- 16. Oktober 2017/ 16 octobre 2017

Vu 15:00—17:00 Auer